


## «Zesumme géint de Wéi»

Eng grouss Campagne zu Letzebuerg



D'Netzwerk Palliativ Geriatrie Lëtzebuerg (NPGL) lancéiert ab Oktober 2022 eng Campagne géint de Wéi, déi drei Joer wäert daueren. Iwwer 1300 Bewunner kënnen vun deser Campagne profitéieren.

### Wien a wat ass den NPGL?

D'Netzwerk Palliativ Geriatrie Letzebuerg ass 2018 gegrënnt ginn, nodem di éischt Institutionen hier Palliative Geriatrie Wierkstaat ofgeschloss haaten, fir hier palliativ Kultur weider auszubauen, ënnert dem Lead vun Omega 90. Aktuell sinn et zeng Institutionen fir eeler Leit – CIPAs a Maisons de Soins<sup>1</sup> an drei Institutionen fir Mënsche mat Handicap<sup>2</sup>, déi an dësem Netzwerk zesumme schaffen.

<sup>1</sup> ALA – Beim Goldknapp, CIPA Résidence Op der Waassertrap, Croix-Rouge CIPA Grande-Duchesse Josephine Charlotte, Elisabeth / Claire - Foyer Ste Elisabeth a Ste Elisabeth am Park, Homme pour Personnes âgées St. François, Maredoc asbl, Hôpital Intercommunal Steinfort, Servior – Maison de Soins Sanatorium a CIPA Op der Léier

<sup>2</sup> APEMH – Nossbierg, Elisabeth / Yolande – Haus am Klouschter an Institut St. Joseph

## **Firwaat esou eng Campagne?**

Den Undeel vun eelere Leit mat chroneschem Schmäerz an Alters- a Fleegeheemer esou wéi am soins à domicile läit bei ongeféier 60%, een Drëttel vun hinnen hu staark Schmäerzen. Um Enn vum Liewe kann dësen Undeel bis zu 80% goen. Fir engem Bewunner am Alldag ze begéinen an eng Relatioun mat him opzebauen, ass an engem éischte Schrëtt eng gutt Behandlung vu kierperlech Wéi onëmgängelech. Andauernde Wéi mëcht, dass Leit sech zeréckzéien oder aggressiv gin, an dass hir sozial Kontakter dobei vernoléisseg ginn. De Wéi verhënnert och, dass e Bewunner nach Freed um Liewen huet. Et kann een nëmme ufänke vu Liewensqualitéit ze schwätzen, wann an enger éischter Phase de kierperleche Wéi net méi den Alldag vum Bewunner bestëmmt.

### **Ziler vun der Campagne:**

- Dem Wéi vum Bewunner mat engem neie Bléck begéinen,
- Di schmäerzhaft Symptomer aanescht wouer huelen, fir hiren Afloss op den Alldag ze minimiséieren; dëst am Aklang mat de Wënsch vum Bewunner an u säi Liewensprojet ugepasst,
- Den Alldag ënnerbriechen an d'Bewosstsinn duerch eng Sensibiliséierungscampagne op de Wéi ze konzentréieren. D'Campagne riicht sech un d'Bewunner, d'Fleegepersonal, dat ganzt interdisziplinärt Team zesumme mat den Dokteren.

### **Wéi geseit des Campagne aus?**

Zu festgeluechten Zäitpunkten ginn all Bewunner<sup>3</sup> gefroot op se wéi hunn a wéi si hiere Wéi selwer aschätzen oder et get vum Fleegepersonal op Zeeche gekuckt, déi op Wéi hiweisen:

- Bei Bewunner, déi sech gutt matdeele kënnen – do schwätze mir da vu Selbstaschätzung / Autoévaluatioun – get gefroot: „Wivill Wéi hu Dir?“ Domat kann di erliewten Intensitéit vum Wéi erfroot ginn. Verschidde Skale kënnen benotzt ginn, wéi z.B. di numeresch Skala vu 0 – 10, oder di einfach verbal Skala,
- Bei Bewunner, déi hiere Wéi net mi kënnen matdeelen, get mat Beobachtungsskale geschafft. Do kann ee feststellen, ob d'Persoun wéi huet oder net. Hei schwätze mir da vu Friemschätzung / Hétéroévaluatioun. Dofir get et verschidde Skalen, wéi z.B. Doloplus 2, ECPA oder PainAD (des lescht am Fall vun avancéierter Demenz), déi dem Fleege Indizien obweisen, op d'Persoun wéi huet oder net.

Vu dass d'Evaluatioun vum Wéi e Qualitéitsindikator fir d'Assurance Dépendance ass, an dass di meescht Bewunner vun Alters- oder Fleegeheemer oder vum soins à domicile

---

<sup>3</sup> Règlement grand-ducal du 13 décembre 2017 déterminant le contenu de la documentation de la prise en charge et les indicateurs de qualité de la prise en charge : Art. 6. En ce qui concerne l'évaluation et la prise en charge de la douleur, le contrôle de la qualité des prestations vise à recenser les personnes dépendantes prises en charge par le prestataire d'aides et de soins pour lesquelles l'évaluation de la douleur selon une échelle validée et adaptée aux spécificités de la population prise en charge est réalisée. La documentation permet une identification du suivi et de l'évolution de la douleur.

begleed ginn an e Contract mat der Assurance Dépendance hunn, gehéiert des régleméisseg Schmärzevaluatioun zum Alldag vum Fleegepersonal.

Wat an dëser Campagne nei ass: d'Resultater vun all Bewunner ginn individuell<sup>4</sup> iwwert e gewëssen Zeitraum verglach, an der Institutioun ginn d'Resultater géint ëniwergestallt fir op Verbesserungen hinzeschaffen an och national, ginn d'Resultater anomymiséiert gekuckt, fir doraus ze léieren, an de Wéi besser ze linderen.

### **Aaner Uleies vun der Campagne sinn, erauszefannen**

- Wat di heefechst verschriwwe Medikamenter sinn,
- Wéi eng déi wirksamst Schmärzmedikamenter sinn par rapport zur Zort vu Wéi
- Wéi hir Verdréiglechkeet ass,
- Wat di heefechst Niewewierkungen sinn,
- D'Wirkung vun der Behandlung ze iwwerpréifen,
- Esou wéi och d'Mataarbecht (Compliance) vum Bewunner, vum Fleegepersonal a vun den Dokteren ze kucken,
- A Formatiounen ze proposéieren, déi un d'Probleemer vum Terrain ugepasst sinn.

### **Wie mécht des Evaluatiounen ?**

Jiddereen, deen an d'Fleeg oder an d'Begleedung vun eeler Mënschen oder Mënsche mat Handicap agebonnen ass (Infirmiëren, Aides-soignants, Kinésithérapeuten, Psychologen, Ergothérapeuten, an och Educateurs fir de Secteur Handicap); all aaner Beruffer an och d'Famill / di Angehöreg kënnen des Evaluatiounen ënnerstetzen.

### **Mat wéi enge Froen?**

Hutt Dir haut iergendwou wéi?

Wa jo, wou? Wéini? Aart vu Schmärz? (an de Wiederer vun der Persoun)

Permanent oder mat Ënnerbriechungen?

D'Fleegepersonal schreift op: Numm – Alter – Geschlecht – Admissiounsdatum

D'Infirmière schreift d'Unzuel vu Schmärzmedikamenter op – Kategorie – Dosage – Posologie (d'office oder „au Besoin“) – Veroffreechungswee.

Den Dokter schreift d'Diagnos par Rapport zum Schmärz, d'Aart vu Schmärz, an déi verschriwwe Schmärzmedikamenter op.

---

<sup>4</sup> No der Evaluatioun vum Wéi get gekuckt wat fir Medikamenter de Bewunner géint sei Wéi kritt, fir esou en Ausgangsprofil ze erstellen an duerno ze kucken, wéi de Wéi sech entwéckelt. An Zesummenarbecht mam Dokter kënnen esou d'Medikamenter ugepasst ginn an de Wéi get weiderhi vum Fleegepersonal iwwerwaacht.

## **Wat gëtt mat den Äntwerte gemaach?**

An enger éischter Etapp um Terrain: D'Infirmière këmmert sech ëm de Bewunner wann e wéi huet: eng Medikatioun "au besoin" verofreeche – wa virgesinn, ass dat net de Fall: den Dokter informéieren an him d'Situatioun vum Bewunner objektiv mat Fakte matdeelen.

An enger zweeter Etapp, wärten di verschidden Institutionen hier Resultater matenee verglichen, all Resultater si natiirlech anonymiséiert. Et get em „best practise“ a waat kann ech vun anneren léieren an doduerch bei eis am Haus verbesseren.

Eng drëtt Etapp kinnt eng weiderhinn anonymiséiert national Analyse vun de Resultater sinn fir feststellen, wat allgeméng Problemer sinn, déi nach misste geléist ginn.



**Netzwerk Palliativ  
Geriatric Lëtzebuerg**

---

*Omega 90 asbl*